



sinn, ginn ersat duerch méi wéi 140 Point-de-venten, plus de Facteur, plus den Internet. Ech weess beim beschte Wëllen net, wéi een do ka schwätze vun engem „Kahlschlag“, wéi den Här Eischen dat gesot huet, a wéi ee vun engem schlechte Service um Client ka schwätzen!

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, dass déi Décisiounen, wat d'Guicheten ugeet, dass déi ganz eleng vum Conseil d'administration vun der Post getraff ginn. Dat ass an engem Gesetz vun 1992 esou festgehalen. An ech wëll och, an den Här Urbany huet et gemaach, un d'Loi, un d'Gesetz vum Här Biltgen erënneren, deen de Réseau de vente erausgeholl huet aus dem Service universel, andeem e gesot huet, dass de Service um Client net onbedéngt gebonnen ass un d'Unzuel vu Postbüroen. Den Här Biltgen, mengen ech, war do senger aktueller Fraktioun méi wäit viraus a sengen Iwwerleeungen, fir fir d'Zukunft vun der Post ze schaffen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Déi al Büroen, dat ass och ugeschwat ginn, souwäit wéi se der Post gehéieren, ass d'Post selbstverständlech bereet, fir mat de Mengen ze kucken, fir deenen déi zur Verfügung ze stelle respektiv ze verkaafen, wann déi Aktivitéite wëllen an deene Büroe maachen. Respektiv sinn och Gespréicher mam Minister, dee fir de Logement zoustänneg ass, fir ze kucken, ob een net punktuell och ka Logementsprojete realiséieren.

Da gouf virgeworf vum Här Eischen, dass mer dat elo, dee Kahlschlag elo do maachen ouni ofzewearden, wat déi nei Strategie de vente ergëtt. Mä, Här Eischen, déi ass dach scho laang amgaangen! D'Cactussen, d'Cactus-Shoppien, d'Tankstellen, d'PackUp-Stationen, d'Facteuren, dat gëtt et dach alles! Mir hunn, oder de Conseil vun der Post huet déi doten Décisioun geholl, fir elo déi Restrukturatioun ze maachen. Déi Erfahrungswärter si selbstverständlech do. De Generaldirekter vun der Post huet och dem Syvicol ugebueden, fir eng Reunion mam Syvicol ze maachen, fir ze erklären, wéi dat elo soll goen an och wéi dat soll goe mat deene Postbüroen, déi der Post gehéieren, wéi eng Méiglechkeeten d'Gemengen do hunn.

Et ass evident, dass, wann de Generaldirekter vun der Post bei d'Buergermeeschtere geet, fir ze froen, ob se d'accord sinn, dass e Büro zougemaach gëtt, och wann en nëmmen eng Stonn d'Woch op ass oder en Dag op ass, da seet dee Buergermeeschter selbstverständlech neen. Ech mengen, dass dat leider eng Situatioun ass, déi esou ass, wéi se ass. D'Post huet déi Décisioun eegestänneg geholl a se wäert elo mam Syvicol kucken, wat mat deene Gebaier geschitt.

Dann hutt Der, Här Eischen, d'Fro opgeworf, wat dann ass, wann e Bréifdréier krank ass. Mä datselwecht, wéi wann e Bréifdréier haut krank ass: Da gëtt en ersat op senger Tournée an domat huet et sech! An ech kann lech soen, dass d'Bréifdréier selwer, d'Bréifdréier selwer...

(**Interruption**)

Jo, den Här Eischen ka gär herno eng Fro stellen, ech maachen awer nach mäin Exkurs fäerdeg.

...d'Bréifdréier selwer ganz frou sinn iwwert déi Opwärtung, déi se elo kréien an dat doten ausdrécklech ënnersträichen a fir gutt fannen, wat do geschitt, wat hir Opwärtung ugeet.

An dann ass d'Fro komm, wat gespuert gëtt. Deen éischte Grond ass net deen, fir ze spueren! Deen éischte Grond, an ech hunn et am Ufank gesot, ass deen, fir de Service um Bierger ze verbessern. An ech mengen, dass dat eis absolutt wäert geléngen. D'Käschtegrënn spilen natierlech och eng Roll, awer dat war net den Ausgangspunkt vun där heiter Strategie vun der Post.

Da wëll ech och drun erënnere fir d'Kolleege vun der CSV: D'Spuerkeess huet sech och reorganiséiert an och eng Rei Büroen zougemaach an eng Rei anerer opgemaach. Ech mengen net, dass dat deemools esou e Spektakel war.

An dem Här Reding wëll ech awer soen, Här Reding, Dir souzt an där Kommissioun do, Dir hutt an där ganzer Kommissioun kee Wuert gesot, Dir hutt keng Fro gestallt.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Ech hunn nogelauschtert.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Dir hutt keng Fro gestallt, Dir hutt keng Fro gestallt. Just esou vill zu Ärem Engagement fir d'Postbüroen, fir d'Postbüroen ze retten.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **Une voix.** - Dat do ass awer bëlle!

(**Brouhaha général**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, just den Här...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Hutt Der festgestallt, Här Minister, datt och Deputéierter aus Ärer Partei keng Fro gestallt hunn?

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Majo, well se d'accord sinn!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Aah!

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Well se d'accord sinn, Här Gibéryen.

► **Une voix.** - Aah, wat en Zoufall!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, an elo maache mer keng Dialoge më!

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Voilà, ech si fäerdeg. Ech hunn alles gesot.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dir krut keng Fro gestallt.

(**Interruptions**)

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Also, an der Koalitioun kënnt Der lech sécher sinn, wann esou Projekte kommen, dass mer virdrun an der Koalitioun eens sinn an dofir déi Froe sech eriwwegen.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

(**Brouhaha général**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, wann Der wëllt weider diskutéieren, et gëtt eng Geleeënheet, fir dat an engem flotte Raum niewendrun ze maachen.

(**Brouhaha général**)

Elo huet just den Här Postminister d'Wuert an herno zum Schluss kritt selbstverständlech den Här Eischen nach eng Kéier d'Wuert, well den Här Minister sech direkt un den Här Eischen gericht huet. Här Minister, fuert virun!

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Also, ech war fäerdeg. Ech stelle just fest, dass d'Allianz tëschent der CSV an der ADR alt erëm eng Kéier steet. Pour le reste stinn ech awer gär bereet, dem Här Eischen...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **Une voix.** - Ooh! Also méi bëlle! geet et awer net! Elo gëtt et awer Zäit, Här Schneider!

(**Brouhaha général**)

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Dat mécht mir definitiv Angscht, Här Gibéryen. Da wësst Dir alles.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Gott sei Dank!

► **Une voix.** - Aner Allianze maachen och Angscht!

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Här Präsident. Här Schneider, ech mengen, Dir schwätzt hei mat anere Bréifdréier wéi ech, well si si guer net esou begeeschtert dovunner.

(**Interruption**)

Si si guer net esou begeeschtert dovunner! A meng Fro war déi, ob da bei de Bréifdréier, wëssend, dass esou vill duebel Tier gemaach ginn a musse gemaach ginn, ob do eng Personalopstockung kënnt, ob dat esou de Fall ass. Well ech mengen, wann Der da mat deene Leit schwätzt, wéi Der gesot hutt, dass Der géift schwätzen, da misste se lech am Prinzip soen, dass se vir bai an hanne widder sinn!

Dat ass alles schéin a gutt an dat ënnerstëtze mir och, dass mer eng Revalorisatioun maachen oder dass mer den Job vum Facteur opwäerten. Mä de Problem ass awer deen, dass um Terrain d'Leit sech Froe stellen: Wéi solle mer déi Aarbecht gemaach kréien? Dat ass eng Saach. Also, kënnt et zu enger Personalopstockung?

Da wëll ech lech soen, Dir hutt zwar dem Här Reding elo reprochéiert, dass en näischt gesot huet, ech wëll awer just soen, dass d'CSV d'Lëscht gefrot huet. Dir hutt eis se och net ginn!

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Majo, well ech se net hat, hunn ech lech scho gesot.

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Dir hutt eis se och net ginn, gellt?!

An dann déi aner Saach, de Statut vun deem, deen elo net de Bréifdréier ass oder deen als Salarié do schafft, respektiv deen dann och mat Geld ënnerwee ass, ob deen dann och elo ënner d'Faveur vun enger Prime de risque kéint falen.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Här Eischen, zur éischter Fro, ech schwätzen natierlech net mat all Bréifdréier am Land. Dat muss Der mer verzeien, dass ech déi Méiglechkeet net hunn,...

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Ech och net.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - ...fir mat all Bréifdréier am Land ze schwätzen. Dovunner ofgesinn ass dat doten den Job vun der Generaldirektioun vun der

Post, an ech wëll lech just soen, dass d'Bréifdréier jo vertruede sinn an enger Gewerkschaft an och vertruede sinn an Diskussiounen, déi mir hate mat der Generaldirektioun an ech de Feedback vun der Generaldirektioun krut, dass d'Bréifdréier domadder d'accord sinn an dass se dat als Opwärtung vun hirem Service gesinn.

Dass et deen een oder deen anere Bréifdréier gëtt, dee vläicht net domadder d'accord ass, kann ech novollzéien, mä ech muss awer mech un dat halen, wat deenen hir Verriedung offiziell als Standpunkt huet.

Fir dat anert ass et natierlech esou, dass dat eng intern Organisatioun vun der Post gëtt an dass d'Post selbstverständlech au fur et à mesure dorop reagiert. Wann elo den Zoustroum oder d'Demande u Bréifdréier esou grouss gëtt, dass méi Bréifdréier gebraucht ginn, dann ass et selbstverständlech, dass d'Post sech déi Moyene gëtt. Alles anescht wär jo ondenkbar.

► **Une voix.** - An d'Sécherheetsbestëmmungen?

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Also, ech sinn net de Gewerkschaftler vun de Bréifdréier. Ech mengen, ech hunn net hei d'Recht, mech iwwer eventuell Prime-des-risques auszeschwätzen. Ech mengen, dat sollen hir Gewerkschafte mat der Direktioun vun der Post ausmaachen an net mat mir.

Voilà, dat gesot, soen ech lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. An et sief nach eng Kéier drop higewisen, dass den Här Minister net am roude Beräich ass, mä nach am grénge Beräich mat senger Riedezäit. En huet eng Veirelstonn gehat.

Gutt, domat si mer um Enn vun eiser Aktualitéitsstonn ukomm a mer géifen zum nächste Projekt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6858 iwwert den automateschen Austausch vun Informatiounen am fiskale Beräich. An d'Wuert huet elo direkt den Här Rapporteur Guy Arendt. Et sief drop higewisen, dass et de Riedemodell 1 ass an dass déi, déi sech nach net ageschriwwen hunn, dat elo solle maachen. Den Här Arendt huet d'Wuert.

## 8. 6858 - Projet de loi concernant l'échange automatique de renseignements relatifs aux comptes financiers en matière fiscale et portant

### 1. transposition de la directive 2014/107/UE du Conseil du 9 décembre 2014 modifiant la directive 2011/16/UE en ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire d'informations dans le domaine fiscal;

### 2. modification de la loi modifiée du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach déi lescht Woch hu mer an dësem Sall iwwert d'Zukunft vun eiser Finanzplaz diskutéiert. Ech hat dunn och kuerz den Informatiouns-austausch ugeschwat, wéi ech erkläert hunn, dass eist Land elo net méi op der groer Lëscht bei der OCDE stoe géif.

Ech widderhuelen et nach eng Kéier. Mir hunn um Enn vum leschte Joer den Informatiouns-austausch agefouert. Doduerch ass weder eis Finanzplaz nach eise Budget an d'Gette gaangen, villméi, mir hunn eis den internationalen Evolutiounen ugepasst. Et ass wichteg, dass mer och beim Volet Steieren net stoe bleiwen, mä um Qui-vive bleiwen a mat der Zäit viruginn.

De Mëtte maachen ech lech de Rapport zu engem Projet de loi, bei deem et och ëm den Informatiouns-austausch a Steierfroen geet, méi genau ëm d'Iwwerdroen an eist Recht vun enger neier Norm, no där dës Renseignementer ausgetosch wäerte ginn. Et handelt sech ëm déi sougenannten Norme commune de déclaration, ofgekierzt NCD, oder, wéi et am professionellen Emgang heescht, „Common Reporting Standard“. De Gesetzesentwurf ass de 14. August vun dësem Joer vum Finanzminister déposiert ginn. Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Métiers hunn Avisen zu dësem Projet geschriwwen.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Nodeems de 6. November vun der Regierung Amendementer ugeholl goufen, huet d'Cham-

bre des Salariés nach eng Kéier Stellung bezunn. De Statsrot huet den 1. Dezember säin Avis finaliséiert an hien ass grundsätzlech mam Text d'accord an huet e puer Observatiounen gemaach, déi am Detail am schréffleche Rapport festgehalen sinn, deen de 4. Dezember an der Finanz- a Budgetkommissioun ugeholl ginn ass.

Här Präsident, ech hunn et gesot, mir praktizéieren elo den Informatiouns-austausch a Steierfroen, wat och heescht, dass dës Informatiounen no bestëmmte Regeln ausgetosch ginn. Souwuel déi Europäesch Kommissioun wéi och d'OCDE hunn d'Efforten ënnerholl, fir esou gemeinsam Regeln auszuschaffen, an dat, fir dass mer eng gemeinsam Norm kréien, no där dës Échangen oflafen. Nëmme esou ass et méiglech, dass déi Steiere bezuelt ginn, déi ufalen, dass Steierbedruch verhënnert gëtt an dass Transparenz virherrsche kann.

An anere Wieder, wa jiddwereen deeselwechte Standard iwwerhëlt, dann erreche mer deen ominéisen „level playing field“, also e Kader vun uniforme Regeln. Nëmme wann all Land dëselwechte Regeln applizéiert, hu mer eng fair Konkurrenz och a Steierfroen.

Den 29. Oktober 2014 hunn duerfir 51 Juridictiounen, an dorënner Lëtzebuerg, zu Berlin e multilateralen Accord tëschent den zoustännegen Autoritéiten ënnerschrifwen, dee festhält, wéi dës automatesch Steierinformatiounen ausgetosch gi sollten.

Dësen Accord berëfft sech op déi nei ausgeschafften Norm, d'Norme commune de déclaration, also eng Norm, un déi sech déi 51 Länner hale wäerten. Als „early adopter“ huet Lëtzebuerg sech verflücht, den automateschen Austausch fir d'Joer 2017 anzeféieren, wou dann d'Donnéeë vun 2016 échangéiert ginn.

D'Direktiv 2014/107, déi mer haut transposéieren, iwwerhëlt ebenfalls dës nei Norm, e Standard, dee vun der OCDE ausgeschafft a vum G20 guttgeheescht gouf. Et ass an deem Kontext just schued, dass d'USA bei dëser neier Norm net matmaachen, dat, well si en änleche Standard an hirem FATCA-Gesetz stoen hunn, engem Gesetz, wat mer jo och schonn op dëser Plaz ugeschwat hunn.

Et kann een awer festhalen, dass déi Moossnamen, déi an eise Text iwwerholl ginn, vill Ähnlechkeete mam FATCA-Text hunn. Vu dass mer dës Norm elo applizéieren, mussen och e puer Ännerungen un eise Gesetz vum 29. März 2013 virgeholl ginn, wat déi administrativ Zesummenaarbecht bei Steierfroen ugeet.

Madamm Presidentin, dëse Projet de loi ass also eng wichteg Etapp an der Evolutioun vun de Steiersystemer a puncto Transparenz, dat och, well den Inhalt vum automateschen Austausch erweidert gëtt an et net nëmmen op Länner vun der Europäescher Unioun limitéiert ass. Et wäerten nach also méi detailléiert Informatiounen tëscht de Länner ausgetosch ginn, wat och erëm fir méi Transparenz suerge wäert.

Praktesch wäerten also d'Donnéeë vu Betriber wéi och vu Privatpersounen no der NCD-Norm ausgetosch ginn, zum Beispill Informatiounen zu den Zënse, Dividenden oder zu aner Revenuen, déi duerch en Aktiv op engem Kont generéiert ginn. Dës Informatiounen solle bis den 30. Juni vum Joer drop vun den zoustännegen Administratiounen ausgetosch ginn, dat natierlech an aller Confidentialitéit. D'Mise en vigueur vun dësem Text ass den 1. Januar 2016.

Madamm Presidentin, mir waren eis déi lescht Woch eens, datt eis Finanzplaz keen einfacht Joer hannert sech bruecht huet a mir waren eis genauou eens, dass se sech trotzdeem gutt verkaaft huet. Ech weess, d'Applikatioun vun der NCD ass eng weider Charge fir eis Finanzinstitutuer, nieft där, déi duerch FATCA op se duerkomm ass. Et kann een elo d'Hänn an de Schouss leeën oder et kann een d'Féiss an de Grapp huelen an handelen. De Gesetzesprojet vun de Mëtte schafft en „level playing field“, an ech si mer sécher, datt eis Institutuer genau doduerch hir Kompetenzen ausspille wäerte kënnen. Mir brauche kee Bankgeheimnis, well mer eng Politik hunn, déi propice Konditiounen fir d'Finanzaktivitéite schafft. Transparenz a Steierfroen ass eng vun dëse Konditiounen.

Madamm Presidentin, ech muss allerdéngs op eppes hiweisen. An zwar ass an deem Text, deen an der Finanzkommissioun ugeholl ginn ass, dat heescht an der Annex 1 vum Projet de loi, en lertum passéiert, eng Faute de frappe. Et steet ënner anerem an der Sektoun VII (veuilez lire: Sektoun VIII), Punkt A 6 b) «Entité d'investissement», il est fait référence aux points D 8 d) à D 8 g). An dobäi misst dat sinn: D 10 d) à D 10 g). Ech géif also...





Wat gelift?

► **Une voix.**- Net Genie?

► **M. Guy Arendt** (DP), *rapporteur.*- Genie, neen.

(*Hilarité*)

10 g).

Ech géif lech also bieden, Madamm Presidentin, dass mer dat herno, wa mer den Text zum Vott stellen, esou géife mat där Annerung ofvotéieren. Mir hunn och, also d’Kommissioun huet och e Bréif un d’Presidentin vum Conseil d’État geschéckt, fir dat unzekënnegen, dass deen Text, wéi gesot, mat där Emännerung hei wäert akzeptéiert ginn.

Ofschléissend soen ech dem Finanzminister a senge Mataarbechter am Ministère e grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht mam Parlament a ginn hei den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d’No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Rapporteur Guy Arendt. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Laurent Mosar.

*Discussion générale*

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Ufänke wëll ech mat engem Merci un de Rapporteur Guy Arendt, deen dat op déi gewinnte roueg, kompetent Aart a Weis gemaach huet, deen och e groust Fachwëssen huet, wat d’Finanzplaz ubetrëfft. Duerfir si mer ëmmer ganz frou, wann hien déi Rapporte mécht.

Ech wollt vläicht just eppes expressément och hei begrëissen. Mir hunn net méi spéit wéi d’lescht Woch, wéi mer hei iwwert d’Finanzplaz geschwat hunn, gesot, et wär gutt, wa Lëtzebuerg bei enger ganzer Rei vun Texter zum „first mover“ géif gehéieren. Hei si mer elo net den „first mover“, mä den „early adopter“. Et ass flott, et kommen ëmmer nei Technologien hei an d’Spill. Mir setzen dat also ee Joer éischter ëm, wéi mer et eigentlech hätte missen ëmsetzen. Ech fannen, datt dat eis gutt zu Gesiicht steet. Duerfir begrëisse mer dat.

Mir mengen och, datt deen Text ganz an der Rei ass, esou wéi mer en hei presentéiert kritt hunn. Ech wëll allerdéngs op zwee Punkten agoen, déi och schonn de Rapporteur kuerz ugeschnidden huet, déi mer och schonn am Kontext vun eiser Debätt iwwert d’Finanzplaz d’lescht Woch hei behandelt hunn.

Dat eent ass dat, datt mer jo elo hei eng international Norm vum G20 iwwerhuelen, wat eigentlech eng aner Norm erëm um Niveau vun der OECD ass, a wat mech bei deenen Normen do e bësselche stéiert, ass, datt et eigentlech keng Sanktiounen ginn. Déi eenzeg Sanktiounen, déi et ginn, dat sinn déi sougenannte gro oder schwaarz Lëschten, op déi een dropkënnt, wann een dann net honnertprozenteg konform ass. Mir wëssen awer op där anerer Säit, datt mer jo och heimadder eng Direktiv transposéieren, an do sti ganz genee Sanktiounen drop. Dat heescht, wann déi eenzel Memberslänner déi Direktiven net zäitgeméiss respektiv esou à la lettre transposéieren, da sinn do Strofe virgesinn, da kënnen se virum Europäesche Gerichtshaf verklot ginn.

An ech gesinn doranner, Här Finanzminister, e Problem. Mir hu kloer Regeln mat klore Sanktiounen um Niveau vun der Europäescher Unioun. Mir hunn awer leider Gottes net déiselwecht um Niveau vun der OECD. An do muss mer ganz gutt oppassen, wa mer ëmmer erëm vum „level playing field“ schwätzen. Dee spillt elo wuel hei zwëschent deenen 28 EU-Memberslänner, mä en ass net gewäerleescht par rapport zu den Net-EU-Länner nottamment vun der OECD.

A meng zweet Remarque huet dann och domadder ze din, den Här Arendt huet et scho gesot, deen „Common Reporting Standard“ ass vun den Amerikaner nach ëmmer net transposéiert ginn, wéi eng ganz Rei aner Normen och. An et schéngt mir esou ze sinn, wéi wann d’Amerikaner dat do iwwerhaapt net wëllen transposéieren. An da muss ech awer soen, datt ech awer Problemer wierklech mam „level playing field“ kréien, net nëmmen do, mä och mat enger Rei vu multilateralen Accorden, déi mer an nächster Zäit sollen ëmsetzen. A mir hate virun e puer Deeg eng interessant Réunioun iwwert den TiSA. Ech gesi wierklech net, wéi mir hei nach virukommen, wann eent vun deene gréissten a wichtigste Länner systematesch refuséiert, hei déi Normen ëmzesetzen.

A mir wëssen och ganz genau, Här President, datt mer eis kaum kënnen virstellen, datt eis amerikanesch Frënn sech herno op enger schwaarzer oder groer Lëscht erëmfannen. Ech mengen, dee Risiko ass kleng.

Dat gesot, bréngen ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text a wär trotzdem frou, wann den Här Finanzminister déi Bedenken och do mat an déi verschidde Gremien hält.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Mosar. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Madamm President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Här Minister, ech wäert kuerz sinn. Ech géif gär den Guy Arendt Merci soe fir säi ganz gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport. Hien huet alles gesot, wat déi technesch Detailler ugeet vun dësem Projet.

Et ass erëm eng Kéier e weidere Schrëtt an d’Richtung vu méi Transparenz an eng weltwäit nei Steierarchitektur, iwwert déi mer schonn des Éftere geschwat hunn an deene leschte Méint. Mir haten en Débat iwwer LuxLeaks, mir haten en Débat iwwer FATCA, mir haten d’lescht Woch en Débat iwwert d’Finanzplaz an als LSAP begrëisse mer dee Mouvement.

Ech géif gär den dräi kuerz Observatiounen maachen zu dësem zu dësem Projet de loi. Déi éischt, déi betrëfft Froen, wat déi konkret Applikatioun vun dëser Norm ugeet. Et ass gewosst, dass dat heite keen Échange u sech ass; et ass en Échange multilatéral. Dat heescht, mir brauchen Accords bilatéraux mat deene Länner, fir dat ëmzesetzen, deen „Common Reporting Standard“.

An do ass meng éischt Fro: Wéi schnell kommen déi? Mat wéi vill Difficultéit ass dat befaasst?

Déi zweet Fro, déi sech och stellt konkret an der Mise en œuvre, dat ass déi vun den Datenschutzstandarden. Verschidde Länner hu wahrscheinlech schwach oder keng Datenschutstandarden. An do wär d’Fro, ob et do Garantie gëtt, déi kënnen agebaut ginn an déi Accords bilatéraux, wat d’Transferte vun Daten ugeet u verschidde Behërdnen.

An déi drëtt Fro, déi sech awer och hei stellt am Kontext vun deem neien Échange, dat ass, well jo och hei Revenue vu Gesellschaften beträff, net nëmme vu Leit, stellt sech och d’Fro heiansdo vun de Bénéficiaires économiques. Dat heescht, dat ass net ëmmer einfach ze identifizéieren, an ech mengen, ech gesinn och do e bëssen e Problem an der Ëmsetzung um Terrain vun dëser Norm.

Déi zweet Fro, déi ech kuerz wollt abordéieren (veuillez lire: Déi zweet Observatioun, déi ech kuerz wollt maachen), dat ass och scho vum Laurent Mosar ugeschwat ginn, dat ass déi vum „level playing field“ mat Amerika. Ech war och an där Reunión do vun der Kommissioun vun den Affaires étrangères, dat war en interessanten Échange iwwert d’Progrès an der Adoptioun vum TiSA, an do ass effektiv kloer ginn, dass mer Welten auseneeleie mat den USA, wat eng ganz Rei international Normen uginnt. Bei BEPS, Basel, Solvency si mer viru Kuerzem gewuer ginn, dass d’Amerikaner nach ganz wäit vun eise Standarden ewech sinn. A mir hunn awer, mengen ech, mat enger gewësser Rassuranc gehéiert, dass déi europäesch Négociateurs ganz fest awer un engem Respekt vun deenen internationalen Acquisen an Norme festhalen, fir weiderzekommen am TiSA. Mä et freet ee sech effektiv, awéieren et realistesch ass, iwwerhaapt nach deen TiSA do weiderzeféieren, wann een esou wäit auseneeläit a wann een och net gesäit, dass d’Amerikaner, wéi dat och am Fall hei vun dësem „Common Reporting Standard“ ass, guer keng Vëlléiteiten hunn, fir op de Wee vun esou engem Standard ze goen, well se eben en l’occurrence hire FATCA hunn.

Eng drëtt Bemierkung, déi ech wollt maachen, betrëfft och d’Transparenz. Mir gesinn, dass weltwäit Verschleierung a Steiervermeidung en Auslafmodell sinn. Dat ass ganz kloer. An ech géif gär den dräi Elementer uféieren, fir dat ze beleen.

Zu Lëtzebuerg gëtt et eng Rei Banken, an net där mannst, déi op de Wee ginn, fir hire Clienten, déi Offshore-Gesellschaften hunn, dat heescht Gesellschaften, déi net zu Lëtzebuerg setzen an déi am Numm vun deene Gesellschaften Konten hunn, fir deenen nozeleeën oder souguer se ze forcéieren, dës Strukturen opzuleisen an déi Suen ze deklaréieren.

Mir gesinn och, dass an anere Länner, mat deene mer soss en Intérêt commun gemaach hunn, fir eist Bankgeheimnis ze verteidegen, ech denken haaptsächlech un Eisträich, dass d’Eisträicher am Summer hiert Bankgeheimnis komplett ofgeschafft hunn, e bëssen an enger

Nacht- und Nebelaktioun, mä se hunn et ofgeschafft a si hu bei sech doheem eng Période de régularisation adoptéiert, wou d’Leit elo kënnen hir Revenuen, déi se soss eben an engem Bankkonto haten an déi se de Steieren net deklaréiert hunn, eben elo kënnen régulariséieren.

Drëtte Punkt: Mir maachen och elo an eise Budgetgesetz eng Amnestie. Mir maachen eng Amnestie fir Leit, déi am Ausland Konten haten, wou mer Informatiounen kruten ënnert dem Échange d’information a wou mer deene Leit d’Méiglechkeet ginn, och sech ze régulariséieren an déi Revenuen hei ze deklaréieren.

Firwat soen ech dat do? Mä ech soen dat, well ech ech der Meenung sinn, dass mer müssen eng seriö Reflexioun féiere vis-à-vis vun eise Bankgeheimnis, ob dat Bankgeheimnis vis-à-vis vun de Steuerbehërdnen zu Lëtzebuerg intern nach bäibehale ka ginn oder wat et justifiéiert. Mir sinn an engem weltwäiten Trend vun Transparenz a vu Steiergerechtkeet. Mir schwätzen och vun engem „level playing field“ an déi eenzeg Leit, déi sech nach kënnen schützen mat deem Bankgeheimnis, dat sinn déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg bei enger Bank hir Sue leien hunn an déi eben dat Bankgeheimnis „en plein“ kënnen invoquéieren.

An ech froe mech, ob mer an deem internationale Kontext, an deem mer sinn, ob mer do net müssen awer seriö eng Reflexioun féieren, wat dee Punkt do ugeet.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Här Fayot, erlaabt Der, dass den Här Roth lech eng Fro stellt?

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Natierlech.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech hunn dem Här Fayot elo ganz oprichteg nogelauschtert. Ech hunn awer nach just an Erënnerung, dass de Finanzminister virun net allze laanger Zäit och op eng Fro vu mir hin eigentlech bekräftegt huet, dass d’Lëtzebuerger Bankgeheimnis net zur Dispositioun géif stoen. An ech gesinn och un dem Gesichtsausdruck vun dem Här Gramegna, dass en dozou steet.

Dofir meng Fro un den Här Fayot, ob en awer déi Virgab vun der Regierung, an dësem Fall vun dem Finanzminister, nach weiderhin deelt.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Natierlech deelen ech déi Virgab. Ech weiss och, dass dat net an eise Regierungsprogramm steet. Dat ass och guer keng Reflexioun am Kader vun der kommander Steierreform. Mä, ech mengen, dat ass eng Reflexioun, déi ee muss an esou engem Débat kënnen féieren. Mir sinn hei an engem Parlament, wou, mengen ech, Parlamentarier och kënnen Iddie formuléieren, déi fir d’Zukunft sécher menger Meenung no..., deene mer net kënnen aus dem Wee goen. An, ech mengen, dat stellt a kenger Weis dat a Fro, wat de Finanzminister dozou gesot huet. Ech weiss och, wéi gesot, dass dat net an eise Programm steet. Mä ech mengen, a meng Partei ass och der Meenung, dass mer déi dofen Diskussioun an déi do Reflexioun musse féieren.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci, Här Fayot. Op menger Lëscht ass elo just nach den Här Wagner ageschriwwen. Här Wagner, Dir hutt d’Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. Also, okay, null.

Also, dee Projet de loi hei, iwwert dee mer elo diskutéieren, setzt den „Common Reporting Standard“ vun der OCDE iwwert den automatischen Informationsaustausch a Lëtzebuerger Recht ëm. Et ass de virleefeg Schlusstréch ënnert der Blockadehaltung a Saache Bankgeheimnis, déi Lëtzebuerg iwwer zéng Joer laang op europäeschem an internationalem Niveau bedriwwen huet, op d’mannst zéng Joer, wou mer onnëtz politesch an diplomatesch Energie verbëtz hunn, fir dubiéis Privilegien och nach vum Finanzmilieu ze verteidegen, amplaz eis ëm d’Diversifikatioun an d’Emstrukturéierung vun eiser Wirtschaft ze bekëmmern, zéng Joer, während deenen d’Reputatioun och vum Land an der Welt massiv gelidden huet.

Virun de Chamberwahlen ’99 ass de fréieren, eise fréieren Deputéierten, den Ander Hoffmann, op enger Table ronde mam Jean-Claude Juncker gefrot ginn, ob e fir d’Ophiewe vum Bankgeheimnis wär. An do huet den Ander deemools mat engem knappe Jo geäntwert, wat am Sall an natierlech oder doriwuer aus fir zimlech Opreegung gesuergt hat. En huet duerno seng Antwort an engem Artikel an der Zäitschrëft „Forum“ folgendermoosse begrennt: „Et kann een net hei zu Lëtzebuerg eng Politik legitiméieren, déi een enzwousch anescht géif condemnéieren an déi, wann ee se géif als universaalt Gesetz opstellen, desastréis

Konsequenzen géif produzéieren an och produzéiert.“ Do huet de Philosoph vum kategorie-schen Imperativ, mengen ech, geschwat.

Dës Positioun, déi mir als Lénk ëmmer verteidegt hunn, war hei zu Lëtzebuerg net ëmmer populär, mä et ass eng Positioun, déi richtig ass. Steierhannerzéiung a Steierflucht ass kee Kavaliersdelikt. Et ass eng schlëmm Form vu Kriminalitéit, well déi Suen, déi doduerch an de Statskeesen an Europa a ronderëm d’Welt feelen, déi Sue feelen, fir sozial Systemer ze finanzéieren, fir Schoulen, Spideeler an aner Infrastrukturen ze bauen. Déi Suen, déi räich Individuen a Sociétéiten duerch Steierhannerzéiung aspueren, fir nach méi räich ze ginn, déi spueren se op dem Réck vu sozial Schwaachen, vu Kranken an um Réck vun der Zukunft vun de Kanner.

Et kann ee vläicht och soen, wéi den Här Fayot virdru gesot huet, datt et eng Tendenz gëtt, datt et net méi esou in ass, fir op eng - on va dire - illegal Aart a Weis Steierhannerzéiung ze bedriewen. Dat kann een deelweis deelen, wann ee sech bewusst ass, datt Legislatiounen, ënner anerem eng Legislatiounen hei zu Lëtzebuerg, u sech e legale Kader schafe fir Sociétéiten, fir esou mann wéi méiglech Steiere kënnen ze bezuelen. Iergendeng Kéier brauch een dann och net méi d’Gesetzgebung ze contournéieren oder mat komischen Tricker ze schafen, wann et souwisou legaliséiert ass.

Also, wann een déi Politik, déi Lëtzebuerg bedriwwen huet an a groussen Deeler och nach bedreift, als universaalt Gesetz géif opstellen, da géife mer an enger Welt liewen, wou déi Räich a wou d’Betriber praktesch guer keng Steiere méi bezuele géifen, wou eng minoritär Schicht vum Stat profitéiert, ouni eppes dozou bäizdroen, ëmmer méi Pouvoir kritt an der Allgemengheet hir Politik zu groussen Deeler kann och diktéieren, enger Welt, wou d’State hir Dépenses drastesch senke müssen, wou se de Sozialstat radikal ofbaue müssen an déi méi Schwaach an der Gesellschaft steierlech staark belauschten.

Leider ass dat keng schrecklech Zukunftsvisioun méi: Et ass a groussen Deeler déi Welt, wéi mer se elo erliewen! Lëtzebuerg huet dës Zort vu Politik net erfonnt, mä Lëtzebuerg steet säit Jorzénge an der éischter Linn am internationale Steierkrich a muss sech dofir de Virwurf gefale loossen, leider mat senger Politik déi Entwécklung kräfteg ze ënnerstëtzen.

Datt mer haut dës Projet de loi votéieren - an dee wäerte mer och nach matdroen -, ass awer net dorobber zrëckzeféieren, datt d’Regierung sech op eemol der desastréier Wierkung vun eiser Politik op d’Welt bewusst ginn ass. Dee Richtungswissel gouf och ageleet, well no der Ëmsetzung vum amerikanesche FATCA mir dozou gezwonge gi sinn! An do täuscht och net déi Tatsaach driwwer ewech, datt Lëtzebuerg zu den „early adopters“ ziele wäert.

Wéi wéineg sech déi Regierungen, oder déi heite Regierung sech un der politescher Dimensioun vun dësem Problem interesséiert, erkennt ee schonn un den Initiativen, déi schonn ëmgusat oder geplangt sinn, fir dësen automatischen Informationsaustausch ze ëmgoen. Zum Beispill gi Valeuren, déi am Freeport déposéiert sinn, vun deem System jo net erfaasst. Et ass also keen Zoufall, datt mer elo um Findel och esou eng „Blackbox“ opgeriicht hunn.

Och orientéiert sech den OCDE-Standard, am Géigesaz zu FATCA, net no der Nationalitéit vun dem Kontoinhaber, mä no dem Lieu de résidence. Dat léist natierlech eng Course aus, well déi räich Steierflüchtlingen, déi kënnen dann déi bescht Steierrésidence sech aussuchen. Och do ass Lëtzebuerg gutt dobäi, Stéchuert Fondation patrimoniale.

Schonn eleng unhand vun deenen zwee Beispiller gesäit een, datt dës Regierung näischt aus de Feeler vun der Vergaangenheet geléiert huet. Wa se gezwonge gëtt, eng Nischepolitik zouzemaachen, mécht se op enger anerer Plaz eng aner Nisch op, e bëssen esou wéi en Junkie, deen ophält eng Drog ze huelen an duerno eng aner Drog hält.

Madamm Presidentin, d’Steierflucht ze ënnerbannen ass eng vun de gréissten Erausforderungen vun eiser Zäit an ass keng einfach Aufgabe. No de Jorzénge vu Liberaliséierung an Deregulariséierung hu mer haut entfesselt Finanzstréim, déi keng Grenze méi kennen a kenger Kontroll méi ënnerleien.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Mat engem Klick ginn enorm Zomme vun engem Eck vun der Welt an deen aneren transferéiert, während d’Wierkung vun den eenzelne Steierverwaltungen op hir Länner limitéiert ass. Et muss drëms goen, fir déi politesch Kontrollméiglechkeete géigeniwwer vun de Finanzstréim erëm zrëckzegewannen. An dat geet nëmmen duerch eng verstärkt politesch Ko-





operationun, déi mer jo mat dësem Projet de loi wëlle renforcéieren.

Trotz verschiddene Saachen, déi hätte besser kënne gemaach ginn, hale mer dës Initiativ trotzdem awer fir eng wichteg Etapp a wäerten, wéi ech virdrun och gesot hunn, dësse Projet votéieren.

De Wee, e gemeinsamen internationale Standard fir den automateschen Informationsaustausch ze entwéckelen an ze probéieren, esou vill Länner wéi méiglech zum Matmaachen ze bewegen, ass dee richtegen, och wann ofzewaarde bleift, wien dann elo tatsächlech alles wäert matmaachen.

Allerdéngs wär et vläicht och besser gewiescht, wann een dat um Niveau vun der UNO gemaach hätt, och vum Tax Committee. An dat hu jo och d'Entwécklungslänner am Juni op der Konferenz an Äthiopien zu Addis Abeba vehement gefuerdert. Mä do muss een awer leider feststellen, datt d'EU net matgemaach huet. D'Resultat ass, datt den automateschen Informationsaustausch fir d'Entwécklungslänner elo quasi net zougänglech ass!

Den neie Standard verlaangt jo d'Réciprocité, dat heescht, wann ee gären Informatiounen hätt, da muss een och Informatiounen bereestellen. Dofir hunn dës Länner awer och nach net d'Capacitéit an et gëtt souguer geschat, datt eleng an Afrika, südlech vun der Sahara, ongeféier eng 650.000 Steierbeamten nei missen ageallt ginn, fir de Standard kënne ëmsetzen. Dofir bräichte se nach d'Mëttelen an da wiere mer nach an enger anerer Diskussioun, wou ech och schonn oft dovunner erzielt hunn.

Dat heescht, obwuel dës Länner also e vitalen Interessi un dem Informationsaustausch hunn, si se aus technesche Grënn dovunner ausgeschloss. Oder vläicht och aus politesche Grënn? Well d'Länner vum G20 hu jo vläicht guer keen Intérêt drun, datt d'Entwécklungslänner déi illegal Finanzstréim ënnerbannen. Dat ka jo och sinn.

Wann d'Regierung also déi ganzen Zäit vum „level playing field“ schwätzt, da wier et gutt, wa se sech och derfir géif asetzen, datt d'Entwécklungslänner kënne op der Spillwiss matmaachen. Do ass sécher nach vill nozebeeseren, an dat hätt och vläicht mat der Cohérence des politiques an der Kooperatiounspolitik ze dinn.

Zum Schluss wëilt ech nach Folgendes feststellen: Duerch dee Projet de loi hei kréien all d'Steierverwaltunge vun de Länner, déi matmaachen, Zougang jo zu den Informatiounen iwwer d'Revenuen, déi hir Bierger op der Lëtzebuerger Finanzplaz akasséieren. Et ass just eng Steierverwaltung natierlech, déi dës Informatiounen net kritt, an dat ass déi Lëtzebuerger Steierverwaltung! Déi muss weiderhin dorobber vertrauen, datt och jiddweree seng Kapitalertrag uerdentlech deklaréiert.

An deem Kontext muss d'Fro erlaabt sinn, firwat datt d'Administration des Contributions directes weiderhi keen Zougang zu deenen Informatiounen kritt, wat et hir enorm géif erlichteren, hir Aarbecht kënne ze maachen. An dat wär wichteg! An Zäiten, wou am Budget un allen Ecken gekierzt gëtt, ass et ëmsou méi wichteg, sécherzestellen, datt kee sech senge Verpflichtunge géigeniwwer vum Stat kann entzëien.

Dofir wëilt ech och nach den Här Minister op dëser Plaz bieden, vläicht nach eng Kéier d'Grënn ze nennen, firwat datt d'Regierung eiser Steierverwaltung deen Zougang zu deenen Informatiounen weiderhin net wëllt erlaben. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt e mer eng Äntwert gëtt an datt en och vu senger Äntwert ganz iwwerzeegt selwer wäert sinn.

Zum Bankgeheimnis. Den Här Fayot huet ze Recht gesot, datt mer müssen driwwer diskutéieren. Also, Här Fayot, mir sinn och bereet, lech dobäi ze hëllefen, fir dee Schratt ze maachen. Dat wier awer e ganz anere Koalitiounsvertrag.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm an d'Wuert huet direkt den Här Finanzminister, de Pierre Gramegna.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, fir d'Éischt e grouse Merci un de Guy Arendt fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht, deen, wéi dat bei him eng Traditioun ass, exzellent war a komplizéiert Saachen einfach ausgedréckt huet.

Haut hu mer e wichtige Projet hei ze stëmmen, deen en fait ënnert dem Zeeche vun der Transparenz a Steiersaache steet. Mir hunn den

1. Januar 2015 vun dësem Joer also den Échange automatique agefouert. Mat deem heite Projet féiere mer op den 1. Januar 2017 den Échange automatique op eng erweidert Aart a Weis an, an zwar op Basis vun enger Direktiv vun 2014, op där enger Säit, an op Basis vun der Konventioun vu Berlin, déi ech am Oktober 2014 ënnerschrivven hunn.

Ech wëll erënneren drun, dass grad déi Directive de coopération administrative vun 2014, vun där mer hei schwätzen, en fait déi ass, déi eise Secret bancaire ausser Kraaft setzt, well et op Basis vun dëser Direktiv ass, wou mer jo den Échange d'informations kënne maachen an dann och muer am verbreederte Sënn.

Den internationale Kontext ass deen, dass mer dat an der EU gemaach hunn an och zu Berlin zu 51 Staten ënnerschrivven hunn, déi op den 1. Januar 2017 den Échange automatique maachen, an op den 1. Januar 2018 74 Länner dat wäerte maachen.

Wat ass d'Norm, déi do zréckbehale ginn ass? Dat ass déi gemeinsam Deklaratiounsnorm, op Englesch „Common Reporting Standard“. Vläicht kann ech hei e bësse méi Licht an d'Debatt bréngen, well deen „Common Reporting Standard“, deen ass en fait zu 99% d'selwecht wéi dat, wat am Accord FATCA mat Amerika ausgehandelt ginn ass. Mir hunn also doduerjer eng Norm, vun 2017 un, déi als Parameter gëllt, fir den Échange d'informations ze maachen.

Also, fir et ganz einfach auszedrécken, den Échange d'informations, dee mer mat Amerika op Basis vu FATCA maachen, geschitt op enger Norm, déi praktesch déiselwecht ass, wéi déi, déi mer hei am Kader vun dëser Direktiv a vun der Konventioun vu Berlin maachen. Dat war och eng Demande vun eiser Finanzplaz, an net nëmme vun eis, och vu ville Banken an der Welt, fir ze soen: Gitt eis eng unique Norm, dass mer net müssen op verschidden Aart a Weisen d'Informatiounen sammelen. An ech mengen, dat ass eng gutt Noriicht.

Et ass gesot ginn hei, dass et vläicht um „level playing field“ géif feelen, well vläicht Amerika net richtig matmécht. Amerika mécht jo mat iwwert de bilaterale FATCA. Et ass net, dass Amerika keng Norme mat eis austauscht, mä et mécht dat op eng bilateral Aart a Weis, wéi gesot, op Basis vun engem Standard, dee ganz äänlech ass wéi deen, dee mer hei fir eis selwer am Kader vun der Berlin-Konventioun an am Kader vun Europa unhuelen.

Et ass och gesot ginn - ech mengen, et war eng Fro vum Här Mosar -, dass mer hei net déiselwecht Sanktiounsmechanismen hunn. Bon, mir hunn an Europa eis Sanktiounen, wann een d'Direktiven net ëmsetzt, an e ganze Mechanismus. Dat ass ganz richtig. Ech wëll awer ënnersträichen, ech mengen, dat ass net gutt zum Virschäin komm, dass am Kader vun der Konventioun vu Berlin, déi ënnert den Auspicien ass vun der OCDE, dass do e Mechanismus vun „peer review“ agefouert gëtt, also vu Kontrollen, souwéi mer dat kenne beim Échange d'informations sur demande, wou mer jo och, wéi mer jo all wëssen, elo vun der Lëscht, vun der negativer Lëscht ewechkomm sinn. Et ben, en äänleche Mechanismus gëtt hei agefouert. A fir dann de Schluss ze zéien, dass dowéinst da keng Sanktiounen bestinn, ass net richtig, fannen ech op jidde Fall, politesch a medieméisseg net richtig.

Mir hunn also am Kader vun der EU Mechanismen, déi mir als EU virgesinn op där enger Säit, an am Kader vun der Berliner Konventioun gëtt e Monitoring gemaach. Dat heescht, d'Länner ginn all kontrolléiert an déi, déi dann déi Normen net géifen anhalen, et bien, déi ginn da mam Finger gewisen. Et ass also net esou, dass keng Sanktiounen an deem anere Mechanismus wäeren.

Deen heiten Échange automatique trëtt a Kraaft natierlech mat der Adoptioun vun dësem Gesetz, mä e rapportéiert sech op d'Donnéen vun 2016, déi mer musse spéitstens op den 30. Juni 2017 agesammelt hunn.

Ech wëll och drop hiweisen, obwuel dat och net vill an den Diskussiounen war, dass mer e puer Saachen excluëiert hunn, ënner anerem sinn dat d'Konte vun d'Épargne logement oder och Konten, déi mat dem zweeten oder drëtten Piler vun den Zousazpensiounen ze dinn hunn, an dass d'Juridictionen, déi hei Partner sinn, oder d'Länner, déi hei Partner sinn, en fait d'Unioun sinn an all Pays-signataires. A mir hunn en fait eng Optioun hei gewielt, dass en fait d'Banken hei all d'Donnéen sollen asamele vun allen Non-résidents, ob se Signatairë sinn, déi direkt 2017 et maachen oder 2018, fir dass se en fait eng relativ breet gefächert Aart a Weis gebrauchen, wat hir Käschte reduzéiert.

Ech freeë mech, dass d'Chambre-professionnelen an de Conseil d'État dat alles ganz ënnerstëtzt hunn. An ech freeë mech iwwert d'En-

nerstëtzung, déi mer hei d'une manière très large an der Chamber kréien. Ech mengen, mir sinn hei um Wee vun engem „level playing field“. An déi, déi mer méi oft hei op der Tribün nolauschten, wëssen, dass ech mech fir den „level playing field“ asetzen.

Ech mengen, an deem heiten Domän ass et vläicht e bëssen iwwerspëtzt, d'Amerikaner hinzustellen, wéi wa si dat Spill hei oder d'Spill..., et ass kee Spill, mä deen Échange net géife matmaachen.

Wat d'Entwécklungslänner ubelaangt, kann ech dem Här Wagner soen, dass mir wuel ënnerstëtzen, dass d'Entwécklungslänner sollen am Mechanismus matmaachen. Do komme mer dann an e Kader vun der UNO, an da müssen déi Länner selwer och bereet sinn, dat matzemaachen. Dat gëtt, menger Meenung no, och an deenen nächste Joren en Enjeu. Ech kann lech soen, dass dat fir d'OCDE ee vun den Haaptobjektiver ass, soubal dee Mechanismus hei a Kraaft trëtt, mat den Entwécklungslänner, Pays en voie de développement, Methoden ze fannen, fir dat heiten ëmzesetzen.

An dat beweist eis, dass och an deem heiten Domän mer eng global Wirtschaft an eng global Welt kréien, well och déi Normen, déi eng méi fair Gesellschaft sollen aféieren, och gesellschaftlech vun all Mënsch gedroe ginn an dann och global Valeure ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Wann Der erlaabt...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci fir déi Explikatioun vum Här Finanzminister. Ech géif awer trotzdem wëllen nach eng Fro unhäken, well ech do net ganz d'accord si mat deem, wat de Finanzminister ausgeféiert huet.

Et ass richtig, wann e seet, mir hunn e bilaterale FATCA-Agreement mat den Amerikaner. Dir musst awer och wëssen, an ech mengen, dat ass allgemeng gewosst vun deene Leit, déi vill mat deem Agreement schaffen, datt dat e relativ déséquilibréierten Agreement ass, deen haaptsächlech den Amerikaner ganz vill Rechter gëtt an hire Partner ganz weineg, an haaptsächlech de grouse Problem ass, datt deen Agreement net applikabel ass par rapport zu deenen eenzelne Bundesstaaten an Amerika, wou d'Amerikaner jo ëmmer derfir plädéieren, ze soen, datt dat an der Autonomie vun deene 50 oder 51 eenzelne Staten ass an datt dat u sech net opposabel ass.

An duerfir meng Fro un de Finanzminister: Wann dat och richtig ass, datt mer déi Disposition am FATCA-Agreement dran hunn, sinn ech net iwwerzeegt, a meng Fro ass, wéi dat awer an der Praxis zum Beispill par rapport zu Ohio oder zum Delaware och um Niveau vum Échange d'informations ëmgasat gëtt.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dat ass ganz bestëmmt eng legitim Fro. Mä déi kënnt ee vläicht applizéieren op eng Rëtsch Länner, déi fédéral opgestallt sinn.

De Problem ass erkannt d'une manière plus large, net nëmme wat d'Kompetenze si vun de Bundesstaaten an Amerika an dem État central, et sinn nach eng Rëtsch aner Froen, déi sech mat Amerika stellen. Hei ka Lëtzebuerg eleng näischt maachen. An et ass jo och, wéi mer jo gesinn, eng Compétence communautaire. Dofir hu mer jo eng Direktiv driwwer.

Dat ass e Problem, dee vun der Kommissioun regelméisseg opgeworf gëtt. An ech kann lech just soen, dass Lëtzebuerg dat ganz no suivéiert. An all déi Problemer, déi op d'Tapéit kommen, déi mat „level playing field“ ze dinn hunn, do kënnt Der dermat rechnen, dass Lëtzebuerg dat wäert ënnerstëtzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Minister. Da si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6858.

Ech wollt lech nach eng Kéier drop hiweisen, datt sech en Iertum beim Renvoi an der Annex 1 ënnert der Sektoun VIII, Punkt A 6 b) «Entité d'investissement» ageschlach hat. Mir hunn dat rectificéiert. An ech wollt lech drop opmierksam maachen, wann Der do dermat d'accord sidd, dass mer iwwert dee rectificéierte Renvoi elo ofstëmmen, wéi och den Här Rapporteur schonn drop higewisen huet. Am zweeten Alinea gëtt eng Referenz op d'Punkten D 8 d) bis D 8 g) gemaach amplaz op d'Punkten D 10 d) bis D 10 g).

#### (Interruptions)

Also, wann elo iergendeen dat konnt novollzéien, dann...

#### (Brouhaha)

Also, Dir maacht mer einfach Vertrauen.

#### (Exclamations)

Neen, Dir maacht der Administratioun Vertrauen. Voilà!

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6858 et dispense du second vote constitutionnel

Da bieden ech lech, iwwert dee verbesserten Text ofzestëmmen. Fir d'Éischt geet emol d'Ofstëmmung un. An dann déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. Voilà! An de Projet ass mat 60 Stëmmen, also unanime, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Diane Adehm), Gilles Roth, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ech wollt d'Chamber dann nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vott ze ginn.

#### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Merci villmools!

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, de Konte vun der Chamber fir den Exercice 2014. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, de Marc Lies.

## 9. 6911 - Comptes du service inté-rieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2014

### Rapport de la Commission des Comptes

► **M. Marc Lies (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, Enn des Joers ass d'Zäit vun de Konte vun der Chamber. Kuerz virum Vott vum Statsbudget sollen och d'Konte vun der Chamber vum Virjoer, also dem Buchungsjoer 2014, vun enger Spezialkommissioun analyséiert a kontrolléiert ginn.

Den Artikel 165 vum Règlement interne vun der Chamber gesäit vir, an ech zitéieren, éischten Alinea: «(1) L'examen de la comptabilité des fonds de la Chambre, pour chaque session, est confié à une commission spéciale dite „Commission des Comptes“, assistée par un réviseur d'entreprises à désigner annuellement par le Bureau.»

Véierten Alinea: «(4) La Chambre, sur le rapport de cette commission, se prononce sur l'apurement du compte. La décision est communiquée à la Cour des Comptes pour être enregistrée.»

D'Firma Deloitte, déi den Audit vun de Konte vun der Chamber fir den Exercice 2014 gemaach huet, kënnt Enn Oktober vun dësem Joer an hirem Schreiwes zu folgender Konklusioun: «À notre avis, les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine, de la situation financière de la Chambre des Députés au 31 décembre 2014, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément aux principes comptables applicables définis par le Bureau de la Chambre des Députés.»

Ech wäert lech e puer Eckdate vum Bilan 2014 am Verglach zum Budget 2014 an awer och am Verglach zum Kont 2013 mat op de Wee ginn, ouni elo awer wëllen an den Detail ze goen.

De Statsbudget huet der Chamber fir d'Rechnungsjoer 2014 ee globale Kredit vu ronn 34,6